

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 4. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Infrastrukturminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Laut mengen Informatiounen huet de Staat den Antoniushaff an der Gemeng Wëntger viru ronn zwee Joer kaaft. D'Leit, déi dra gewonnen hunn, hu missen eraus, well dës Gebailechkeet anescht sollt genotzt ginn. Bis elo ass hei awer nach näischt geschitt.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Aus wat fir enge Grënn huet de Staat dëst Gebai kaaft a wéi vill Land gouf hei matkaaft?
2. Wat fir eng Affektatioun soll dëst Gebai kréien?
3. A wéi engem zäitleche Kader ass mat dëser geplangter Ëmsetzung ze rechnen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten